

De Lieserbréif vum Carine Nickels

Et liest ee vill iwver Inclusioun an Integratioun. Et gett driwwer geschwat, munnechmol gestriden soulaang den Artikel an der Zeitung oder Online ass. Et get genee sou séier erëm vergiess!

Mee wéi ass dat fir déi di Betraff sinn? Wéi gesinn déi Leit dat déi enger Minoritéit ugehéieren?

Eng vun den Minoritéiten sinn, Leit mat Behënnerung zu deenen ech, duerch en Autosaccident 2012, och gehéieren. Ech setzen zënter deem am Rollstull, vun der Broscht un gelähmt. Dat bréngt mat sech, dass ech, ewéi och honnerte vun aner Leit hei am Land, ob Hëllef ugewisen sinn. Ech schwätzen do net vun finanzieller Hëllef! Nee! Ech schwätzen do vun mënschlecher Hëllef.

Ech wunnen an engem Foyer well do ëmmer een ass. Aleng kann ech net an oder aus dem Bett. Mech wäschen an undoen scho guer nët. Dat heescht awer nach laang net dass ech kee Liewen méi hunn.

Esou wéi all Foussgänger ginn ech gären akafen an wéi all Erwuessenen och mol aleng. Lo si mir beim Thema Inclusioun ukomm. Ech kommen net iwverall eran. Oft hunn Geschäfte bei der Agangsdier Träpen. D'Trottoirs sënn oft ze héich, Restaurants ze eng, bref et ass nach laang net einfach. Aus dem Grond ginn ech nawell gär an d'apostrophe;Belle-Etoile. An net nëmmen ech. Wann dir mol akafen gitt, kuckt ronderëm, maacht d'Aen op, richteg op. Mir sinn ganz vill jonk Rollstullfuierer. An mir sinn ganz oft aleng ënnerwee. Autonomie gëtt grouss geschriwwen. Mir sinn schliisslech Erwuessen. Normal, oder? Anscheinend net!

Ech hunn eng Sonde fir Waasser ze loossen, well ech selbstänneg net op Toilette kann. E Mëttwoch war ech an d'Belle-Etoile, Chrëschtkaddoe kafen. Wann ech sou ënnerwee sinn, drénken ech ëmmer ganz wéineg fir dass meng Urinposch et aushält bis dass ech erëm doheem sinn. Schliisslech geet keen vun eis akafen fir op d'Toilette ze goen.

Leider ass mäin Plang wéineg ze drénken net opgaangen an meng Posch war um 16h méi wéi voll. Ech hat keng aner Wahl ewéi an d'Info ze goen an no Hëllef ze froen. Peinlech genuch.

An der Info hunn ech du gefrot ob si een ruffen kéinten, ech weess dass si do Secouristen hunn. Äntwert war: mir sinn net dofir zoustänneg.

Dat ass mir scho kloer, duerfir hunn ech jo gefrot dass si een ruffen. Dat sot ech dunn och der Madame. An erëm krut ech als Äntwert si wieren net zoustänneg. Zéng ganzer Minutten huet et gedauert bis dass déi Damm hier Responsabel geruff huet.

Ech hunn du geduecht, gutt elo komme mir villäicht weider. Mee nee! Do héieren ech wéi d'Responsabel seet: "Mussen déi dann och aleng ënnerwee sinn?", dréit sech zu mir a freet: "Wou ass är Begleetpersoun?" ouni Moien, naicht.

Et ass jo wouer, wéi konnt ech, verreckte Behënnerten, och nëmme mengen ech kéint aleng eraus, ouni "Léngt"?? Jiddefalls sinn ech mir dee Moment sou firkomm. En Hond ouni Léngt dee vernannt gëtt. Schlämmer ewéi behënnert sinn ass esou behandelt ze ginn.

Ech hunn d'Fra gekuckt: "Pardon? Ech sinn aleng hei!!" Hier äntwert... Goldwert: "Aleng? Dat geet net!!"

Hunn si gefrot wéi si sech dat firstellt. Ob ech elo an engem Zëmmer agespaart misst bleiwen nëmme well ech gelähmt sinn?

Hier äntwert: "Wann dir aleng wëllt kommen muss dir och eens ginn fir op Toilette!" an dreit mir de Réck.

Dir kënt iech villäicht firstellen wéi ech mir firkomm sinn. Diskriminéierung pur!

Natierlech hunn ech mech dunn opgereegt, natierlech sinn mir dunn opgefall an natierlech hunn d'Leit gekuckt.

Du hat déi Fra keng aner Méiglechkeet ewéi d'Direktioun ze ruffen.

Puer Minutten drop koum dunn och den Här P. deen d'Gerance huet.

Schlussendlech ass hien mat enger Secouristin, déi dunn och geruff ginn ass, mat mir an d'Infirmérie. Hien ass och deen, deen dunn meng Posch geleert huet. Do soen ech: Chapeau bas, Här P. dier sidd 100pro mam gudde Beispill firgaangen! Hat och en interessant Gespréich mat dem Här deen mir verséichert huet e géif déi Problematik zumindest uschwätzen.

Am ganzen huet et 45 min gedauert fir dass een mir hëlleft.

Souvill zur Inclusioun vu Minoritéiten oder hunn ech eppes falsch verstanen?

Carine Nickels